LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 30 juillet 2019
Réf. N° QP -68/19

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
L-2450 Luxembourg

Objet : Question parlementaire n°849 du 1ier juillet 2019 de l'honorable Député Roy Reding

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

Le Vice-Premier Ministre,
Ministre de la Justice

Félix BRAZ

13, rue Erasme
L-1468 Luxembourg-Kirchberg
Tél. (+352) 247-84537
Fax (+352) 26 68 48 61
Adresse postale:
L-2934 Luxembourg
info@mj.public.lu
www.gouvernement.lu

136-000144-20041018-FR

Äntwert vum Här Justizminister Félix Braz op d'parlamentaresch Fro Nummer 849 vum honorabelen Deputéierten Roy Reding

Den honorabelen Deputéierten Roy Reding freet, wéi heefeg an de Joren 2008 bis 2018 de Procureur d'Etat de Conseil de l'Ordre des avocats, d'Chambre des Notaires an d'Chambre des huissiers de justice dozou opgefuerdert huet, disziplinaresch Moossname géint ee vu hire Memberen anzeleeden.

1) Op Basis vun den Informatiounen, déi de Barreau vu Lëtzebuerg ginn huet, ass et esou dass laut dem Artikel 26, Paragraf 1 vun der *loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat* de Procureur d'Etat de Bâtonnier opfuerderen kann, eng Affär en vue vun eventuellen disziplinareschen Moossnamen géint en Affekot z'ënnersichen.

   Den Archivage vum Barreau vu Lëtzebuerg erméiglecht et net nozesichen, wéi disziplinaresch Prozeduren, déi schonn ofgeschloss sinn, ugefaangen hunn.

   De Barreau vu Lëtzebuerg huet awer uginn, keng Informatiounen ze hunn vu Fäll, wou de Procureur d'Etat de Bâtonnier an de Joren 2008 bis 2018 opgefuerdert hätt, eng Affär en vue vun eventuellen disziplinareschen Moossnamen z'ënnersichen.

   Op Basis vun den Informatiounen, déi de Barreau vun Dikrech ginn huet, gouf et an de Joren 2008 bis 2018 kee Fall, wou de Procureur d'Etat de Bâtonnier opgefuerdert hätt, eng Affär en vue vun eventuellen disziplinareschen Moossnamen z'ënnersichen.

2) Op Basis vun den Informatiounen vun der Chambre des Notaires goufen et an de Joren 2008 bis 2018 5 Fäll, wou de Procureur d'Etat d'Chambre des Notaires opgefuerdert huet, disziplinaresch Moossname géint ee vu senge Memberen anzeleeden :

   1 Fall 2008

   1 Fall 2012

   1 Fall 2016

   2 Fäll 2018

3) Op Basis vun den Observatiounen vun der Chambre des huissiers de justice ass et esou dass de System vun den disziplinareschen Moossnamen bei den Dierwiechter anescht ass wéi bei den Affekoten oder den Notairen. Laut dem Artikel 29 vun der *loi modifiée du 4 décembre 1990 portant organisation du service des huissiers de justice* falen eventuell disziplinaresch Moossnamen an den Zoustännegkeetsberäich vum Procureur d'Etat respektiv vum Tribunal d'arrondissement an net vun der Chambre des huissiers de justice. Dofir kann d'Chambre des huissiers de justice och net vum Procureur opgefuerdert ginn, disziplinaresch Moossname géint ee vu senge Memberen anzeleeden, well de Procureur d'Etat selwer dee Pouvoir huet.